N°317
Entrée le 12.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro N° 317 vum 9. Februar 2024 vum Här Deputéierte Jeff Engelen.**

*Fro 1): Kann d'Madamm Minister hir Positioun zu dësem Virstouss, deen eng uerg Verletzung vum Territorialitéitsprinzip an der nationaler Souveränitéit géif duerstellen, elaboréieren?*

Dee vum honorabelen Här Deputéierten ugeschwaten Text ass d'Propositioun vum 1. Mäerz 2023 vun der EU-Kommissioun, fir eng nei Richtlinn anzeféieren, déi de länneriwwergräifende Verloscht vun der Fuererlabnis erméiglече soll, wann een am Ausland e Fuerverbuet krut (*DD Directive*). Dës Richtlinn soll prinzipiell d'Gläichbehandlung fir all Chauffeuren an der EU garantéieren, nom selwechte Schema wéi och d'Richtlinn (EU) 2015/413 *du Parlement européen et du Conseil du 11 mars 2015 facilitant l'échange transfrontalier d'informations concernant les infractions en matière de sécurité routière* (*CBE Directive*), déi den Austausch vu perséinlechen Donnéeën bei Verstéiss géint Verkéiersreegelen mat Boussgeld erlaabt. Den Text fousst op der Deklaratioun iwwer d'Stroossesécherheet (Punkt 9 c), déi all d'EU-Memberlänner 2015 zu La Valletta ënnerschriwwen hunn, mam Interêt fir all Stroossebenotzer ze schützen ënner der Form vun enger verstäerkter juristescher Zesummenaarbecht an der géigesäiteger Unerkennung vu Fuerverbueter.

*Fro 2): Kann d'Madamm Minister matdeelen, ob an de Verhandlungen déi am Kader vun der Fürerschäinsreform bis ewell zu Bréissel zu deem uewen elaboréierten Thema gefouert goufen, och Ausname fir de Beruffswee diskutéiert goufen? Wéi eng Conclusioune goufe bis ewell zeréckbehalen?*

D'Fro vum Verloscht vum Führerschäin ass net Bestand vun der Reform vun der EU-Führerschäindirektiv (*Directive 2006/126/CE du Parlement européen et du Conseil du 20 décembre 2006 relative au permis de conduire*), mee ass eng nei Propositioun (*DD Directive, cf. sub 1*) am Kader vum „Paquet sécurité routière". Dës nei Direktivpropositioun fir d'EU-wäit Unerkennung vun de Fuerverbueter berücksichtegt och den Aspekt vum Beruffswee, wat och an de Verhandlungen am Conseil diskutéiert wäert ginn.

Dës Propositioun ass an der Elaboratiounsphas. D'Grondlage ginn zur Zäit vum juristeschen Déngscht vun der Kommissioun gepréift an d'Memberstaaten am Conseil vun der EU mussen nach doriwwer beroden.

E Fuerverbuet ass a bleift "EU-wäit", wann d'Heemechtsland de Verbuet ausschwätzt, konkret de Führerschäin ewechhëlt. Mat der neier DD-Directive soll dat och geschéien nodeems d'Land wou d'Infraktioun begaange gouf e Fuerverbuet deklaréiert huet. Dëst Land seet dann dem Heemechtsland Bescheed, fir dass dat de Führerschäin anzitt. Eng Rei Prozeduren a Konditiounen erlaben dem Heemechtsland dann nozekucken, ob de Fuerverbuet och justifiéiert ass an der betraffener Persoun hir Rechter agehal goufen. Net all d'Infraktiounen déi an engem anere Land zu engem Fuerverbuet féiere kënnen, kommen och fir d' "EU-wäit Fuerverbuet" a Fro, mee nëmmen déi Delikter fir Alkohol, Drogen a Vitesse.

*Fro 3): Kann d'Madamm Minister garantéieren, datt si kenger entspriechender Reform vum EU-Fürerschäi wäert zoustëmmen, ier EU-wäit en identesche Code de la Route géif ugeholl ginn, fir ze verhënneren, datt Leit duerch en onbewosst Feelverhalen an der Vakanz, duerno riskéiere mam Fürerschäin och hir sozial Existenz ze verléieren?*

Et ass en Ënnerscheed ze maachen tëschent, éischtens, der Direktiv iwwer de Führerschäin (*2006/126/CE*), déi sécherstelle soll, dass d'Qualitéit vum Apprentissage an deemno d'Fuerfäegkeeten an der EU op engem selwecht héijen Niveau sinn, zweetens, de Reegele fir d'Verhalen am Stroosseverkéier, déi net vun der EU festgeluegt ginn, mee op den internationale Wiener Konventioune vun 1968 iwwer de Stroosseverkéier an d'Stroossebeschëlderung baséieren, an, drëttens, der uewe genannte Propositioun fir eng nei Richtlinn (*DD Directive*) mat där de Fuerverbuet aus engem EU-Land och an aneren EU-Länner applizéiert gi soll.

Eng Décisioun iwwer d'Reform vum EU-Führerschäin huet also keng Auswierkung op en eventuellen EU-wäite Fuerverbuet.

Et kann och keen onbewosst Feelverhalen zum Verloscht vum Permis féieren, well et sinn exklusiv Fuerverbueter viséiert, déi wéinst Verkéiersdelikter am Zesummenhang mat Alkohol, Geschwindegkeet oder Drogen decidéiert goufen. Et geet deemno ëm grondleeënd Verkéiersreegelen déi e verantwortleche Chauffeur kenne muss, wann hien am Ausland reest.

Lëtzebuerg, den 12. Mäerz 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes